

# SANDWEILER Aktuell

08-2026 10.06.2026

## Kaméidi duerch Gaardenaarbechten

Mat de méi waarmen Deeg gëtt och nees méi am Gaart geschafft. Mir erënneren dofir drun, datt Méimaschinnen, Seeën an aner haart Geräter just zu bestëmmten Zäite benotzt däerfe ginn.

Dës Geräter däerfen nëmme benotzt ginn:

- **vu Méindes bis Freides: tëscht 07:30 an 21:00 Auer**
- **Samschdes: tëscht 10:00 an 18:00 Auer**

**Sonndes an op Feierdeeg ass d'Benotze vun sou Geräter verbueden.**

Dës Reegelung ass am Artikel 32 vum Police-Reglement festgehalen. Mir bieden all Biergerinnen a Bierger, dës Zäiten ze respektéieren an op hir Nopere Récksiicht ze huelen.

## Bruit lié aux travaux de jardinage

Avec le retour des beaux jours, les travaux de jardinage reprennent également. Nous rappelons que les tondeuses à gazon, les scies et les autres appareils bruyants ne peuvent être utilisés qu'à certaines heures.

Ces appareils peuvent uniquement être utilisés :

- **du lundi au vendredi : entre 07h30 et 21h00**
- **le samedi : entre 10h00 et 18h00**

**Les dimanches et jours fériés, l'utilisation de ces appareils est interdite.**

Cette règle est prévue par l'article 32 du règlement de police. Nous invitons tous les citoyens à respecter ces horaires et à faire preuve de considération envers leurs voisins.



GEMENG SANDWEILER
18, rue Principale
L-5240 Sandweiler
Tél.: 35 97 11 - 1 • Fax: 35 79 66
www.sandweiler.lu

## Solidaritéit fir d'Jugendhaus: 1.000 € iwwerreecht

Op Initiativ vun der Kommissioun fir Soziales an Inklusioun gouf en Don vun **1.000 €** un d'Jugendhaus Sandweiler iwwerreecht.
D'Sue goufen duerch fräiwëlleg Donen, ë. a. beim Picknick an um Solidareschen Dag 2025, gesammelt. D'Gemeng huet de Montant op 1.000 € opgeronnt.
Den Don kënnt direkt de **Jonken zu Sandweiler** zegutt a soll hinnen hëllefen, un Aktivitéiten an Offere vum Jugendhaus deelzehuelen.
E grousse Merci un all Donateure fir hir Generositéit a Solidaritéit.




## Solidarité avec le Jugendhaus : 1.000 € remis

À l'initiative de la Commission sociale et d'inclusion, un don de **1.000 €** a été remis au Jugendhaus Sandweiler.
Cette somme provient de dons bénévoles collectés notamment lors du Picknick et de la Journée solidaire 2025. La commune a complété le montant afin d'atteindre 1.000 €.
Ce don bénéficiera directement aux **jeunes de Sandweiler** et les aidera à participer aux activités et offres du Jugendhaus.
Un grand merci à tous les donateurs pour leur générosité et leur solidarité.

---



## D'Sandweiler Leit hu gesammelt

Den *Dräppelclub 42%* asbl hat d'Sandweiler Leit opgeruff hir Korkstëpp fir d'*Amicale vun der Schoul fir Assistenzhonn (ASA) asbl* ze sammelen.

Den 11. Mee hunn si dunn d'Kollekt vun Haus zu Haus gemaach a konnte bei dëser éischter Editioun eng **20.000** Stëpp asammelen!

Déi nächst Kollekt ass **Méindes, den 12. Oktober**.

## Les habitants de Sandweiler ont collecté

Le *Dräppelclub 42% asbl* avait appelé les habitants de Sandweiler à collecter leurs bouchons en liège au profit de l'*Amicale de l'École de chiens d'assistance (ASA) asbl*.

Le 11 mai, les membres du club ont effectué la collecte de porte à porte et ont pu réunir environ **20.000 bouchons** lors de cette première édition.

La prochaine collecte aura lieu **lundi, le 12 octobre**.